ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. September 2020

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Minister fir Verdeedegung a bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Nach kierzlech huet d'AMMD gesot, datt d'Land eng Aart Katastrophespidol kréie misst, dat am Noutfall ganz schnell ageriicht ass. Dëst Uleies, huet d'ADR der Regierung virun e puer Joer scho vermëttelt.

Op eng parlamentaresch Fro vun der ADR huet d'Regierung de 25. Oktober 2017 geäntwert, datt e Konzept vun enger Militär- a Katastrophemedezin virleie géing, an datt dëst och den 30. Juni 2017 vum Regierungsrot gutt geheescht gi wier. Ënner anerem soll dat Konzept d'Entwécklung vu spezialiséierte medezineschen a paramedezinesche Ressourcë virgesinn, ewéi och den Amenagement, an engem ziville Spidol, vun enger spezieller militärescher Infrastruktur mat enger Kapazitéit vun ëm déi 40 Better. Dëst Konzept ass no méi wéi dräi Joer nach net a Realitéit ëmgesat ginn.

Zulescht huet d'ADR de 25. Mäerz 2020 nach e Bréif un de Minister fir Verdeedegung a bannenzeg Sécherheet geriicht, fir dëse Projet spéitstens direkt nom offiziellen Enn vum Etat de crise an der zoustänneger Kommissioun ze diskutéieren. Do soll de Minister Stellung huelen zur Opportunitéit vun engem Militärspidol zu Lëtzebuerg an dem Ausbau vun eiser Militärmedezin mat qualifizéiertem Personal a Reservkapazitéit.

An deem Kontext wéilte mir der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Wou ass d'Regierung mat der Ëmsetzung vun deem Projet drun? Wat gouf bis haut, an a wéi engem Zäitraum, realiséiert, zënter de Regierungsrot dat besote Konzept den 30 Juni 2017 guttgeheescht huet?
2. Wat fir Implikatiounen huet dëse Projet op d'Arméi?
3. Ass hei och eng Kooperatioun mat der NSPA virgesinn?

4. Soll eng militärmedezinesch Struktur fir de Krisefall oder Katastropheschutz och kënnen um Terrain deployéiert ginn?
5. Gëtt bei dësem Projet och dru geduecht, sech mat der AMMD a mat de Spideeler zesummenzesetzen, fir hiren Avis ze froen? Wann nee, firwat net?
6. Ass d'Regierung gewëllt, och e Konzept auszeschaffen, fir eng Uniklinik a Synergie mam geplangte Militärspidol ze realiséieren? Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten